Ettelbréck
VILLE D'ETTELBRUCK

B.P. 116 | L-9002 Ettelbruck

COMMISSION DES FINANCES ET DU SUIVI BUDGETAIRE

Rapport de la réunion du 25 novembre 2021

Présent: **Steichen (Président), Delgado, Flies, Gutenkauf, Kons, Jacoby, Mangen, Michels, Reuter-Schmit, Larry (Secrétaire)**

Excusé : **Strasser**

Ordre du jour

1) **Présentation et discussion du budget rectifié 2021 et budget initial 2022**
2) **Divers**

---

1) **Présentation et discussion du budget rectifié 2021 et budget initial 2022: Voir présentation en annexe**

Situation des réserves	Avoirs au 30/04/2020	Avoirs au 30/04/2021
Fonds de réserve budgétaire	5.752.099,57 €	5.754.381,14 €
Fonds de réserve pacte logement	2.062.680,34 €	2.190.636,94 €
Total	**7.814.779,91 €**	**7.945.018,08 €**

Laut Budgetscirculaire vum 25. Oktober 2021, fällt d'Gemengendodatioun folgendermoossen aus:

	Budget initial 2021	Budget rectifié 2021	Budget initial 2022
2/170/744560/99001	26.270.160,00 €	28.317.600,00 €	29.420.850,00 €
		+2.047.400,00 € par rapport au budget initial 2021	+1.103.250,00 € par rapport au budget rectifié 2021

Fir 2021 war en Emprunt an héischt vun 11.500.000,00 € am Budget initial virgesinn. Fir de Budget rectifié 2021, ass deen Emprunt op Null gesat ginn.

Fir d'Joer 2022 steet en neien Emprunt fir ronn 7.000.000,00 € dran. An e Recours op eis Reserve budgétaire fir 2.000.000,00 €

Den President vun der Kommissioun huet och déi grouss Projet'en aus dem extraordinären Budget presentéiert.

ADMINISTRATION COMMUNALE
T. 81 91 81-1 | F. 81 91 81-364 | communel@ettelbruck.lu | www.ettelbruck.lu

B.P. 116 | L-9002 Ettelbruck

Duerch déi ganz Pandemie sinn eng Partie Projet'en an Verzuch geroden. Desweideren ass et de Moment och schwéier Entreprisen ze fannen déi direkt mat den Aarbechten lass leeën kënnen. D'Entreprisen hunn hir Bicher voll mat Opträg.

E Member vun der Kommissioun huet festgestallt dass d'Charge salariale fir 2022 an d'Luucht geet. Fir d'nächst Joer ginn verschidden nei Posten créëiert. Desweideren ass och nach eng wieder Indextranche mat agerechent ginn.

D'Fro ass och opkomm wisou den Service vun Repas sur roues fir 2022 esou eng Hausse verbucht. D'Croix Rouge huet an der leschter Generalversammlung decidéiert de Preis pro Menü op 25 € ze hiewen, mee soumat entfält d'Participatioun au déficit, déi d'Gemengen ëmmer hunn missen bezuelen.

Folgend 2 Artikelen falen beim Budget 2022 besonnesch an d'Aen, den 3/425/646300/99001 an den 2/425/706011/99003. Do stinn bei der Depense an der Recette jeeweils 2.300.000,00 € dran.

Am Joer 2020 huet den ILR decidéiert dass d'Aspéisung vum Stroum deen an den Congénérationszentralen produzéiert gëtt, och misst deklaréiert ginn.

Cofely produzéiert de Stroum deen dann un d'Enovos wieder verkaf gëtt. D'Gemeng Ettelbréck ass Besetzen vum Stroumreseau muss all Mount eng Deklaratioun un den ILR maachen weivill Stroum an eist Netzt agespeist gëtt.

Den ILR leet all Mount den Prix du marché vum Stroum fest. Am Reglement Grand Ducal ass den Preis vum Stroum och festgeluecht. Different vun dësen 2 Präisser verrechent d'Enovos un de Netzbedreiwer.

Den Netzbedreiwer mëscht dann um Enn vum Joer eng Deklaratioun mat dësen Käschten an kritt dat dann vum ILR aus dem Fonds de compensation bezuelt.

Dës Mesure gouf 2020 decidéiert an d'Enovos huet der Gemeng Ettelbréck déi 2 Joresrechnungen vun 2019 an 2020 mateneen geschéckt. Dës 2 Rechnungen haten e Montant vun bal 2 Milliounen € déi mir als Gemeng virstrecken mussen an dann am Decompte 2022 deklaréieren kënnen.

ADMINISTRATION COMMUNALE
T. 81 91 81-1 | F. 81 91 81-364 | communel@ettelbruck.lu | www.ettelbruck.lu

B.P. 116 | L-9002 Ettelbruck

Eng Rechnung konnten mir nach op de Budget 2020 buchen a bezuelen. Déi 2 Rechnung gëtt dann elo am Budgetsjoer 2022 bezuelt. Soumat wäerten sech dës Depensen dann 2023 apendelen, an bei Ronn 1 Millioun € d'Joer leien.

2) **Divers : /**

Ettelbruck, le 3 décembre 2021

Le Président, La Secrétaire,

Bob STEICHEN Claire LARRY

ADMINISTRATION COMMUNALE
T. 81 91 81-1 | F. 81 91 81-364 | communel@ettelbruck.lu | www.ettelbruck.lu